

Transmis pour information aux honorables membres de la

- Conférence des Présidents
- Commission des Pétitions
- Commission de l'Education nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

Luxembourg, le 22 septembre 2021



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre aux Relations avec le Parlement

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés
Luxembourg

Luxembourg, le 20 JUL. 2021

Personne en charge du dossier:
Jean-Luc Schleich
☎ 247 - 82954



SCL: PET 1755 – 1333 / sp

Objet : Pétition n° 1755 – Lëtzebuenger Sprooch MUSS erëm virrangeg behandelt ginn. Lëtzebuenger Sprooch am Geschriwwenen a Geschwaten als Haaptsprooch unerkennen.

Monsieur le Président,

Comme suite à la demande afférente de la Commission des Pétitions du 31 mars 2021, j'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la prise de position de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse sur la pétition n° 1755 relative à l'objet sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma haute considération.

Le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Marc Hansen



Luxembourg, le 6 juillet 2021

Monsieur le Président de la Chambre des
Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Concerne : pétition n° 1755 – Lëtzebuenger Sprooch MUSS erëm virrangeg behandelt ginn. Lëtzebuenger Sprooch am Geschriwwenen a Geschwaten als Haaptsprooch unerkennen

Zu der Demande, Lëtzebuergesch als Haaptsprooch unzuerkennen, ass feststellen, datt déi geschwate Lëtzebuenger Sprooch fest an eiser Gesellschaft an an eiser Legislatioun verankert ass. Dat weisen déi heite Fakten:

- Am Sproochegesetz vun 1984 (*loi du 24 février 1984 sur le régime des langues*) steet am éischten Artikel: „*La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois.*“ An deem Gesetz ginn dann och Däitsch a Franséisch als administrativ Sprooch festgehalen. D'Hierarchie vun de Sproochen ass deemno kloer festgeluecht.
- Am offizielle Gebrauch huet ëmmer Franséisch dominéiert, well d'Gesetzer op Franséisch geschriwwen sinn. Am Geschwatenen ass Lëtzebuergesch hautdesdaags awer staark present. Sämtlech Diskussiounen an der Chamber an esouguer déi ganz offiziell Zeremonië ginn op Lëtzebuergesch gehalen. Dat huet an de leschte 70 Joer fundamental geännert.

D'Gesetzer ginn zwar op Franséisch geschriwwen, mee op Lëtzebuergesch diskutéiert, an der Chamber an an de Kommissiounen. Dëst weist dann och, datt et am Lëtzebuergesche kee Problem ass, sech iwwer komplex Thematiken auszudrécken. Wéi an anere Sproochen och gi Wieder, wann et néideg ass, geléint an/oder verlëtzebuergesch.
- D'Léiere vum Lëtzebuergeschen als Friemsprooch war laang Zäit just e ganz klengen Deel vun der Aarbecht vun de Sproocheninstituter hei am Land. Mëttlerweil huet d'Demande no Lëtzebuergesch-Coursen esouguer déi vum Franséischen iwwerholl.

Wat de schrëftleche Gebrauch ugeet, fuerdert den Auteur vun der Petitioun, datt d'Lëtzebuenger Sprooch *erëm* misst d'Haaptsprooch sinn. Et stellt een allerdéngs fest, datt dat esou ni de Fall war, an et steet net an der Traditioun vum Land, datt sech am Schrëftlechen vill oder esouguer haaptsächlech op Lëtzebuergesch géif ausgedréckt ginn. Duerch déi sozial Medien ass d'Schreiwe vum Lëtzebuergesche awer mëttlerweil vill méi populär ginn. D'Lëtzebuenger Orthografie ass rezent iwwerschaaft a completéiert ginn a mir gesinn e ganz groussen Interessi un deem Reegelwierk; et ass bis elo schonn iwwer 15.000 Mol gratis verdeelt ginn.

Am Lycée féiere mer d'nächst Schouljoer en neie Lëtzebuergesch-Cours an, deen engersäits d'Basisreegele vun der Orthografie an anerersäits Wëssen iwwer d'Kultur an d'Geschicht vum Land vermëttelt.

Zu Lëtzebuerg muss de gewielte Member vun engem Gemengerot Lëtzebuergesch op d'mannst verstoen, och wann en et selwer net schwätzt. Bei de Staats- a Gemengebeamte si Kompetenzen an den dräi Landessproche verlaangt, just an Ausnahmefäll gëtt et Derogatiounen.

Fir den offizielle Courier gesäit d'Sproochegesetz vun 1984 Follgendes vir:


« Art. 4. Requêtes administratives

Lorsqu'une requête est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, dans la mesure du possible, pour sa réponse de la langue choisie par le requérant. »

Zum Dackste gëtt dëse Prinzip applizéiert an den Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch steet zur Verfügung, wa Fachbegrëffer aus deenen eenzele Beräicher mussen iwwersat ginn. Zesumme mat verschiddene Ministère gëtt och un engem Glossaire geschafft – als hëllefträicht Dokument fir d'Beamten an de Ministère a Verwaltungen.

Den Auteur vun der Petitioun bréngt de Wunsch zum Ausdrock, datt an de Spideeler a bei sozialen Institutiounen d'Leit d'Méiglechkeet mussen hunn, sech an hirer Mammesprooch ze ënnerhalen. Well et zu Lëtzebuerg u medezineschem Personal feelt, gëtt am Ausland rekrutéiert. Et goufen an deem Zesammenhang Efforte gemaach, fir Sproochecoursen unzebidden. Doriwwer eraus muss Personal disponibel sinn, fir ze iwwersetzen, grad beim medezinesche Vokabular a bei deem, deen déi perséinlech Intimitéit betrëfft. Dofir si Coursen néideg an natierlech och e Glossaire mat de Fachausdréck. Dëse gouf vum Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch opgestallt an ass op der Internetsäit med.lod.lu disponibel.

Am Beräich vun der Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch ass vill geschitt a mir hunn nach rezent d'Initiativ ronderëm de Lëtzebuenger Wuertschatz lancéiert. Nieft dem Lëtzebuergeschen ass eist Land awer och duerch seng Villsproochegkeet gepräägt, déi et erlaabt, mat eisen Noperen an de villen Awunner vum Land mat anere Mammesproochen ze kommunizéieren.



Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse